# **Réunion CdJ 17.2.2025**

Présents: Lex Schroeder, Suzie Godart, Guy Kruchten, Claude Magar, Marco Schmit, Marco Schmitz

Excusés: Romain Engels, Dan Wiseler, Serge Raach

Invités: Josiane Konzemius (UC Rodange), Steve Urban (CT Atertdall)

Assiste: Richard Spautz, représentant CA

1) **Rapport vum 13.1.2025 an Debriefing Präisiwwerreechung:**
   De Rapport vum 13te Januar gët eestëmmeg ugehuel a kann online gesat gin.
   D'Präisiwwerreechung an de Räimlechkeete vum Kichechef op der Cap war e grousse Succès, ënnert anerem och duerch dee flotte Reportage op RTL. Verschidden Detailer wéi d'Dispositioun an d'Quantitéit vum Catering sinn unzepassen, ma allgemeng war den Echo nëmme positiv an der nächster Editioun steet Näischt am Wee.

2) **Parcours d'adresse UC Rodange den 9.6.2025**:
   D'Suzie war läscht Woch mat dem Josiane Konzemius op der Plaz fir d'Méiglechkeeten ze checken an huet d'Josiane dunn an dës Réunioun agelueden, fir op direktem Wee zesummen ze kucke, wat méiglech as.
   Den UC Rodange feiert 2025 105 Joer Bestoen vum Veräin an och 20 jähreg Organisatioun vun der Randonnée Marcel Ernzer. Sie wëllen am Rum vun dëser Randonnée tëscht 10 an 12 Auer Moies e chronométréierte Geschécklechkeetsparcours fir Jeunes ubidden.
   De Comité begréisst dës Initiative, déi en zousätzleche Plus fir de „Kichechef-Trophy" duerstellt a schreiwen ët scho provisorësch mat an de Kalenner. D'UC Rodange muss awer bei der Federatioun nach déi néideg Schrëtt ënnerhuelen.
   D'Suzie an de Lex bleiwe mat dem Josiane fir weider organisatoresch Froen a Kontakt.

3) **Reglementsännerung:**
   De Claude haat déi betreffend Ännerungen no eiser Versammlung mat de Veräiner gemat a schon am Virfeld u jidferee geschéckt. Bis op e puer Klengegkeete gët d'Reglement esou ugehuel.
   D'Zuel vun Auslandstarte gët op 10 Coursen am Joer begrenzt, waat d'Coursen zu Perl ugeet (Samschdes Teamrennen a Sonndes normal individuell Course) gët d'Commissioun hiren Accord fir do ausnahmsweis en duebele Start ze erlaben.

Waat d'Startzäiten ugeet, gët festgehal, dat eng Kannercourse op kee Fall virun 9:30 Moies däerf sinn. D'Suzie schéckt do och eng Äntwert op dee Mail deen iwwert d'Federatioun un eis weidergeleet gouf. Den Dan Wiseler as nët mat der Auerzäit averstan, beugt sech awer der Majoritéit.
Soubal de Claude déi läscht Verbesserunge gemat huet, geet d'Reglement fir Avis un d'Juryskommissioun a kann dann op der AGO vun de Veräiner ofgeseent ginn.

4) **Excel-Fichier fir d'Resultater vun den Epreuven an d'Generalklassement:**
De Guy Kruchten huet sech mat dem Steve Urban zesummegesat fir do eng Virlag ze schaafen, dat d'Generalklassement no all Epreuve automatësch aktualiséiert gët. De Comité mandatéiert déi zwee fir daat mat dem Sekretariat vun der Federatioun zesummen ze finaliséieren.

5) **Organigramme:**
De Guy Kruchten wäert sech fir dës Saison ëm d'Klassementer këmmeren.
De Claude Magar as Responsabel fir d'Regelementer an als langjährege Member och Consultant a wichtege Froen. De Richard Spautz kann him do zur Hand goen.
De Romain Engels iwwerwaacht a kontrolléiert alles waat online gesat gët, esou dat d'Informatiounen um Site vun der Federatioun ëmmer aktuell sinn. Zesumme mat dem Marco Schmit këmmert hie sech och ëm d'Material vum Technikofzeechen.
Fir de Kontakt mam Saarland respektiv weideren Ausland as de Marco Schmitz zoustänneg.
D'Suzie schreiwt d'Rapporten an hält zesumme mat dem Lex Schroeder och de Kontakt zum Sponsor a këmmert sech ëm d'Organisatioun vun der Präisiwwerreechung.

6) **Kaderplacken:**
Déi bestallte Placke si scho geliwwert ginn, de Richard Spautz këmmert sech mat dem Sekretariat vun der Federatioun drëm fir déi éischt Course d'Startnummeren ze verdeelen, de Kanner hir Stickeren vum Technikofzeechen zoukommen ze loossen a bréngt d'Kaderplacke mat op déi éischt Course.

7) **Delegéierte Courses Jeunes:**

D'Delegéierte fir déi räschtlech Course gi festgehal, de Richard Spautz aktualiséiert dës Lëscht a schéckt se dann un de Comité an un d'Federatioun.

## 8) <u>Divers:</u>

De Lex haakt nach emol bei der Federatioun no, dat mir déi bestallte Kleeder spéitsdens fir d‘generalversammlung an déi éischte Course hunn.

Fir déi nächst Versammlung gi folgend Punkte fir den Ordre du Jour festgehal:
- Preparatioun Generalversammlung
- Finalisatioun Klassementer
- Adaptatioun rapport vum 17.2
- Kleedung
- Kaderplacken a Startnummeren éischt Course
- Divers

Déi nächst Versammlung ass de **17te März** um **19h00** um **Boy Konen**.